



DEMOKRATESCH
PARTEI

No bei Dir.

Kuerzwalprogramm

KUERZWALPROGRAMM

Ënnert dem Lead vum Premierminister Xavier Bettel huet d'Regierung eist Land sécher duerch d'Pandemie an d'Energie-, respektiv d'Inflatiounskris geféiert. Just a Krisenzäiten huet d'DP bewisen, datt si keen eleng stoe léisst.

Als responsabel Partei mat enger sozial-liberaler Ausriichtung ass d'DP de **Garant fir de gesellschaftlechen Zesammenhalt** an eisem Land. De Regierungschef Xavier Bettel huet mat dräi erfollegräichen Tripartite-Ofkommes de **Sozialdialog** als **confirméierte Lëtzebuurger Modell** gestärkt. D'DP huet den Index-Mechanismus erhalen. De Xavier Bettel huet d'Inflatioun mat innovativen a couragéierte Léisungen – wéi dem Energiepräisdeckel – bekämpft an d'Kafkraaft vun de Mënsche mat sozial gestaffelten Direkthëlfelefen a mat Steierkreditter a Milliardenhéicht gestärkt.

D'DP ass déi driiwend politesch Kraaft am Land, déi sech fir **d'Stärkung vun der Kafkraaft** vu de Leit asetzt. Esou huet d'Regierung op Initiativ vun der DP zousätzlech Sachleeschungen, ewéi de **gratis ëffentlechen Transport** an **d'gratis Maison Relais** an dëser Legislaturperiod agefouert.

D'DP huet dobäi **ni déi Leit vergiess, déi eist Land all Dag um Lafen halen**. D'DP steet fir eng **responsabel Wirtschafts- an Aarbechtspolitik**, déi sécher a gutt bezuelten Aarbechtspulzen a Wuelstand schafft, amplaz se a Gefor ze setzen. D'DP bekëmmert sech dorëm, datt alleguerten d'Mënschen déi selwecht Zukunftschancë kréien, fir hiert Liewe sécher a selbstbestëmmt ze gestalten.

D'DP geet déi grouss **Zukunftstheme** vum Land mat Engagement un. Mir ginn déi dréngendst gesellschaftlech Erausforderungen un, andeem mir nohalteg an **offensiv Investitiounen an de Logement, d'Mobilitéit, d'Energietransitioun an an d'Santé** maachen. **Mir schaffen haut u konkret Léisungen, fir d'Problemer vu muer, andeem mir grouss Infrastrukturprojete starten (nei Zuchstrecken, Spideeler, Schoulen).**

D'DP an der Regierung ass de Garant fir eng responsabel a léisungsorientéiert Politik.

INVESTITIOUNSOFFENSIV AM EFFENTLECHE WUNNENGSBAU

D'DP wäert an Zesummenaarbecht mam private Marché eng historiesch, staatlech Offensiv am Wunnengsbau lancéieren, fir dem Wunsch vu ville Leit no enger eegener Wunneng entgéintzekommen. Iwwert de Wee vum massiven Ausbau vum effentleche Wunnraum wäerte mir de jonke Leit am Ufank vun hirer beruflecher Carrière bezuelbar Mietwunnengen ubidden a si mat geziilte Mesuren dobäi ënnerstëtzen, sech hiert Eegenheim ze finanzéieren.

Dofir wäerte mir:

- kuerz- a mëttelfristeg méiglechst vill **privat Projeten** iwwerhuelen, déi wéinst der aktueller Krise net kënne realiséiert ginn. Déi Projete **ginn der Allgemengheet** iwwert en effentlechen Immobiliëpark **zur Verfügung gestallt**;
- **Terrainen an effentlecher Hand direkt bebauen**, andeem mir d'Constructioun mat grouse Soumissiounen aktiv um Bau vun effentlechem Wunnraum bedeelegen an d'Ressourcë vu staatlechen a vu privaten Acteuren an enger **eemoleger solidarescher Wunnengsbau-Offensiv** zesummeleeën;
- en **nationale Biergerfong** schafen, an deem sech d'Biergerinnen an d'Bierger an och d'Betribler kënnen un der Finanzéierung vu staatlechen Immobiliëprojete bedeelegen;
- d'Héicht vun de **Wunnengsbäihëllef** an d'Akomes-Héchstgrenz fir d'Kandidatinnen an d'Kandidaten un déi aktuell Immobiliëpräisser an un d'Inflatioun upassen, jonke Mënschen, déi hir éischt Wunneng kafen, eng **eemoleg Exonéatioun vun den Droits d'enregistrement accordéieren** an **alternativ Finanzéierungsmodeller**, wéi de Mietkaf, fërderen;
- **Geneemegungsprozedure radikal vereinfachen an acceleréieren**, andeem mir den **Accord tacite** vun de Verwaltungen no enger gewëssener Frist aféieren. D'Ëmwelt-Etuden an d'Kompensatioune méi efficace maachen.

D'MËTT VUN DER GESELLSCHAFT SPIERBAR ENTLAASCHTEN

D'Striwen no engem **méi gerechten an entlaaschtende Steiersystem an d'Stärke vun der Kafkraaft** leien an der DNA vun der DP a si weider eis éischt politesch Prioritéit. Mir konzentréieren eis dobäi besonnesch op d'Ënnerstëtzung vum Famille mat Kanner.

Dofir wäerte mir:

- d'**Steiertabell reegelméisseg un d'Inflatioun upassen**, fir d'Kafkraaft vun de Mënschen nohalteg ze stäerken;
- den **Index als Garant fir de soziale Fridden** a fir den **Erhalt vun der Kafkraaft** bäibehalen;
- méttelfristeg eng **eenheetlech Steierklass** aféieren, déi alleguerten d'Forme vun Zesummeliwee vun de Mënsche gläich behandelt, an esou fir méi Steiergerechtegkeet suergt;
- déi vun der Tripartite decidéiert **Energiespuermesuren**, wéi z.B. den **Energiepräis-Deckel**, iwwer 2025 eraus verlängert, wann déi international Situatioun dat verlaangt;
- déi **staatlech Pensiounen ofsécheren**, de private Pensiounsregime méi staark ënnerstëtzen an de **fräiwëllegen Iwwergang an d'Pensioun méi flexibel** maachen.

LIEWENSQUALITÉIT AN ALLE PHASE VUM LIEWEN

D'DP setzt sech fir eng héich Liewensqualitéit an alle Etappe vum Liewen an. Dozou gehéiert eng besser Vernetzung vu Famill a Beruff. Mir wëllen de Mënsche méi Zäit fir Famill a Fräizäit ginn; duerch eng gutt Bildungsoffer a mat méi flexibelen Aarbechtszäit-Modeller.

Dofir wäerte mir:

- eng **garantéiert Betreuungsplaz** aféieren, fir all de Kanner Accès zu enger héichwärteger Bildungsoffer baussent der Schoul ze ginn;
- **flexibel a familjefrëndlech Aarbechtszäit-Modeller**, ë.a. mat Hëllef vun enger Joresaarbechtszäit an Zäitspuerkonten, déi de jeeweilige Besoine vun de Mënsche gerecht ginn;
- den **Teletravail** fërderen a **Co-Working Spaces** uechter d'Land ausbauen, fir datt d'Leit **onofhängeg vun der Plaz schaffe kënnen**;
- e begrenzt **Recht op Deelzäitaarbecht fir Elteren** aféieren, dat bis dat 13. Joer vun de Kanner gëllt. Verloschter op der Pensioun solle während dëser Zäit evitéiert ginn;
- de **Congé parental** weider ausbauen an nach méi flexibel maachen. De **Pappecongé** vun **10 op 15 Deeg erhéijen**, fir d'Relatioun tëschent dem Kand an dem Papp ze stäerken;
- eis Gesondheetspolitik grondleeënd änneren, andeem mir déi **dezentral Gesondheetsversuergung** zu enger Haaptsail maachen an doduerjer d'Waardezäite staark verkierzen;
- d'Autonomie an d'**Recht of Selbstbestëmmung** vun eisen eelere Matbiergerinnen a Matbierger stäerken.

ENERGIETRANSITION SOZIAL VERTRÄGLECH VIRUNDREIWEN

D'DP wäert eise Wuelstand mat enger responsabler Energie- a Klimapolitik laangfristeg ofsécheren an dobäi de Mënsch an de Mëttelpunkt stellen. Mam Klima-Biergerrot hu mir d'Gesellschaft aktiv um nationalen Energie- a Klimaplang bedeelegt. Mir wäerten d'Energietransitioun mat massiven Investitiouns- a Subventiounsprogrammer méi séier virundreiwen, wéi dat bis elo geplangt war: Fir datt alleguerten d'Leit an d'Entreprisë kënnen vun enger sécherer a bezuelbarer Energieversuergung profitéieren.

Dofir wäerte mir:

- déi vum Premier annoncéiert **Photovoltaik-Initiativ konsequent ëmsetzen** a mat groussen Investissementer déi géeegegt Plazen op den Diecher, op an nient den Zuchstrecken an op Felder a Wise fir Solarenergie notzen;
- **Photovoltaik-Anlagen op den Diech ganz finanzéieren**, wann de Propriétaire sech d'Installatioun net leeschte kann oder wëll an hien un der Stromproduktioun bedeelegen;
- déi **international Zesummenaarbecht** mat Lëtzebuerger Bedeelegung u groussen Offshore-Wandprojeten an u Solarparke weider ausbauen an d'Lëtzebuerger Energieversuergung esou mëttelfristeg onofhängeg maachen;
- **d'Mënsche** bei alle Klimaschutz-Mesurë **virun iwerméisseg héije Käschte schützen**, prioritär op finanziell Ënnerstëtzung setzen an e Verbuet just als lescht Mëttel asetzen;
- **Klimasubsiden erhéijen a virfinanzéieren (tiers payant)**, esou datt d'Biergerinnen an d'Bierger just nach de Solde mussen bezuelen an net müssen iwver Méint op déi staatlech Subside waarden, wéi dat elo de Fall ass;
- d'**Autorisatiounen fir Energie- a Sanéierungsprojete** schaarf acceleréieren, andeem mir den Accord tacite aféieren, d.h. den automateschen Accord, wann d'Verwaltungen sech no enger Frist net gemellt hunn;
- schonn haut déi klimafrëndlech Mobilitéit vu muer sécherstellen, andeem mir direkt **zousätzlech Bunn- an Tramsstrecken** – an aner grouss Infrastrukturprojeten – plangen an ëmsetzen.

KONKURRENZFÄEGKEET STÄERKEN AN TALENTER UNZÉIEN

D'DP wëll eng konkurrenzfäeg Standuertpolitik an den Entreprises attraktiv Kaderbedingunge bidden, déi nei Aarbechtsplaze schafen an eise Wuelstand ofsécheren. Esou kënne mir héichqualifizéiert Talenter op Lëtzebuerg zéien a laangfristeg un eis bannen.

Dofir wäerte mir:

- eis **Kierperschafts- a Gewerbesteier** un déi duerchschnëttlech Tauxen an der EU an an der OECD upassen;
- kleng a mëttel Entreprises (PME) geziilt ënnerstëtzen, andeem mir bürokratesch Hürde konsequent ofbauen. Mat engem **PME-Check a mat enger Bedingung (Klausel) fir de Mëttelstand** wëlle mir dofir suergen, datt de gesetzleche Kader dem Interêt an de Particularitéite vun de PME entsprécht an déi Betriber net onnéideg belaauscht;
- d'Finanzplaz weider stäerken an ausbauen, besonnesch wat déi **nohalteg Finanzen an d'FinTech** betreffen;
- steierlech Mesuren ergräifen, fir frësch Unisdiploméierter a **jonk Talenter** dozou ze beweegen, sech zu Lëtzebuerg z'etabléieren;
- d'Roll vun der **Uni Lëtzebuerg** a vun den **ëffentleche Fuerschungsinstituter** ze stäerken, fir jonk Talenter unzezéien;
- den TripleA och an Zukunft duerch eng **responsabel an nohalteg Finanzpolitik** fir Lëtzebuerg ofsécheren.

INNOVATION AN ZUKUNFTSGESTALTUNG

D'DP setzt weider konsequent op d'Zukunftsgestaltung vun eisem Land. Mir brauchen eng couragéiert Politik an der Bildung, an der Innovation an an der Wirtschaft: Esou kënne mir eise Wuelstand ofsécheren, erhale genuch Spillraum fir d'Entwécklung vun de kommende Generatiounen a bidden eise Kanner a Jugendlechen déi beschten Aussichten, fir datt si sech fräi entfale kënnen. Mir wäerte weider an d'Bildung investéieren, fir d'Zukunftschancë vun eise Kanner ze verbessern.

Dofir wäerte mir:

- **d'Bildungschancen an Zäite vum technologeschen a soziale Wandel bäibehalen**, andeem mir d'Programmer vun den Grondschoolen a vum Secondaire un d'Besoine vun der technologescher a sozialer Transformatioun vun eiser Gesellschaft upassen;
- de Bilan vun de Pilotprojete fir eng **Alphabetiséierung op Franséisch** zéien a se dono verallgemengeren, esou datt d'Elteren an all Schoul de Choix téschent enger Alphabetiséierung op Franséisch oder op Däitsch hunn;
- verstärkt op d'Zukunftskompetenze **Kreativitéit, Kommunikatioun, kritescht Denken an Zesummeschaffe** setzen;
- **déi öffentlech Fuerschung, d'Innovation an d'Wirtschaftsförderung weider vernetzen**;
- **Investitioune vun Entrepen an d'Nohaltegkeet an d'Fuerschung** duerch zousätzlech Steier-Kreditter an duerch Super-Amortissementer förderen;
- konsequent a **Reskilling- an Upskilling-Programmer** investéieren, fir de Besoine vun de Beschäftegten a vun den Entrepen um Aarbechtsmarché vum 21. Joerhonnert gerecht ze ginn.